ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Den Tracé vun der zukünfteger Ëmgoungsstrooss vu Käerjeng werft eng ganz Rei vu Froen op. Wann och de Prinzip vun enger Ëmgoungsstrooss vu Käerjeng fir eis ausser Fro steet, sou muss een dach deene berechtegte Suergen, och vun de Suessemer Bierger, entgéint kommen. Och d'Sensibilitéit fir d'Ëmwelt ass op dëser Plaz ganz grouss an et sollt ee konstruktiv Virschléi am Interessi vun der Liewensqualitéit vun den Awunner an dem Schutz vun der Natur nach mat an de Projet vun der Ëmgoungsstrooss vu Käerjeng ophuelen.

Dowéinst wéilte mir dem Här Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister bereet, fir d'Chamber mat Amendementer zu dem Gesetz iwwer de Käerjenger Contournement ze saiséieren, wann doduerch Verbesserunge fir d'Liewensqualitéit vun de Käerjenger a Suessemer Bierger kéinten erreecht ginn oder d'Natur besser geschützt kéint ginn?
2. Wär den Här Minister bereet, en Deel vun der Streck duerch en Tunnel ënnert dem Naturschutzgebitt ze féieren, änlech wéi dat zu Hesper gemaach gëtt? (Mir verweisen an deem Kontext op déi parlamentaresch Fro N°2712)
3. Am Beräich vun der Ëmgoungsstrooss lieft momentan eng grouss Populatioun vu Wëllschwäin. Wéi gëtt de Contournement vu Käerjeng effizient géint Wëld geschützt - ausser duerch en einfachen Drot?
4. De Contournement gëtt op Basis vun Etüden aus dem Joer 2012 gebaut, wou vun enger Augmentatioun vum Trafic bis 2020 vun 16% bis 22% geschwat gëtt. Wéi huet déi Situatioun sech entwéckelt? Vu wéini un gëtt de Verkéier zu Käerjeng duerch en intelligente Luuchtesystem gereegelt?
5. Op der Gare zu Nidderkäerjeng gëtt e grousst Parkhaus vun der CFL ouni Uschloss un de Contournement gebaut. Sollt een net probéieren, hei en direkten Uschloss ze erméiglechen, fir d'Leit ze encouragéieren, op den ëffentlechen Transport ëmzeklammen an den Trafic duerch Käerjeng a Suessem ze miniméieren?

6. No wei engen Norme gëtt am Schallschutz geschafft? Wei deier ginn déi geplangte Schallwänn laanscht Suessem an aus wat besti si? Ass e Flüsterstroossebelag um Tronçon virgesinn?
7. D'Ouverture vun der Ëmgoungsstrooss muss och am Kontext vun deenen aktuelle Problemer op der A 13 analyséiert ginn:

   - Wéi eng Moossname gi geholl, fir de Réckstau, deen et elo schonns ronderëm de Rond-point "Biff" gëtt, op der A13 ze reduzéieren ? Kann et sinn, datt duerch de Contournement vu Käerjeng de Rond-point "Biff" nach méi belaascht gëtt, ewéi bis elo?
   - Gëtt et Pläng, fir eng séier an effikass Entlaaschtung vum Rond-point "Biff"ze erreechen, speziell och no der Ouverture vun der Ëmgoungsstrooss?
   - Beim Echangeur fir op de Contournement ze kommen, kann et zu engem massive Stau an de Spëtzestonne kommen. An der ganzer Etüd gëtt vun dësem Problem net geschwat. Mat wéi vill Autoe gëtt no der Ouverture vum Contournement an de Spëtzestonne gerechent ?
   - Bei Akzenter an/oder engem Stau op der A13 gëtt d'CR 110 vun Esch op Nidderkäerjeng dacks als Auswäichstreck benotzt. Si Moossname virgesinn, fir dës Praxis ze ënnerbannen? Gëtt d'CR 110 tëschent Esch a Käerjeng zeréckgebaut?
   - Duerch de Rond-Point op der Héicht vun der Käerjenger Industriezon kann et och op där Plaz zu Staue kommen. Wéi eng Moossname ginn ergraff, fir datt de Verkéier dowéinst net awer duerch Käerjeng fiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten